PERL WIELT GRENG !

FIR EIS DIERFER liewenswert an nohalteg

Energietransformatioun

An de leschten 10 Joer huet den Ausbau vun den erneierbaren Energien en dramateschen Réckgang erlieft. Vill geplangte Projete goufen net realiséiert, entweder duerch staarke Biergerprotest oder ängschtlech lokal Rotsmemberen.

D'Gemeng kann eng méi aktiv Roll iwwerhuelen andeems se d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemenge beim Ausbau vun erneierbaren Energien an der Schafung vu kommunale Wärmepläng förderen. Mir forderen:

- Koordinéiert Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen an der Regioun fir den Ausbau vun erneierbaren Energien an d'Schafe vu kommunale Wärmepläng.
- Entwécklung an Ëmsetzung vun engem Aktiounsplang fir d'Adaptatioun un de Klimawandel, inklusiv Opforstung an nohalteg Duerfentwécklung.
- Systematesch Installatioun vu Solarthermeschen oder Photovoltaiksystemer op Gemengedächer.

Mobilitéit

Mir fuerderen eng regional Klimamobilitéitsplang fir 2030 ze entwéckelen, deen déi bestehend Mobilitéitskonzepter vun de Gemengen evaluéiert a weider entwéckelt.

Am Vëlosplang gi bestehend vëlosfrëndlech Stroossen a Weeverbindunge vernetzt, fir Spazéieren a Vëlo fueren an der Regioun sécher an attraktiv ze maachen.

Den Zougang zu de Stied a Gemengen a Quartiers mam ëffentlechen Transport soll all Dag vun der Woch garantéiert ginn, sou wéi och e Biergerbusservice fir eeler Leit an der Gemeng Perl mat adequaten ëffentlechen Transportverbindungen.

En Aarbechtsgrupp fir „Foussgänger- a Vëlosfrëndlech Stied a Gemengen" soll gegrënnt ginn.

D'Vëlosinfrastruktur an den Ariichtungen an der Gemeng an hire Betriber gëtt verbessert, grad wéi d'Ladeinfrastruktur fir Elektroautoen.

E Fuersécherheetstraining fir eeler E-Bikefuerer gëtt initiéiert.

Auf gruene-perl.de/kommunalwahl-2024/ finden Sie unseren Flyer auch auf Deutsch.

Sous gruene-perl.de/kommunalwahl-2024/ vous trouverez notre dépliant en français.

Natur a Kulturlandschaft

D'Gemeng muss sëch kloer Ziler setzen fir de Schutz vun der Natur an der Landschaft fir d'Naturressourcen ze erhalen an domat de Klima ze schützen. Dëst erfuerdert eng virsiichteg Planung an Berücksichtigung vum Biotopschutz beim Erdeelen vun Autorisatiounen fir ze bauen.

Moossnamen am Kader vum Landschafts- a Biotopschutz beinhalten d'Analyse vu Landschaftskomponenten a schützenswäerte Beräicher, och ënner Berücksichtigung vum Klimawandel, d'Vermeidung vu weiderer Versiegelung an d'Zesummenaarbecht mat de lokale NABU-Gruppen zu Perl.

Prioritéit ass de Erhalung vun den Bongerten als wichtege Bestanddeel vun eiser Kulturlandschaft, gutt fir den Naturschutz an den Tourismus. D'Propriétairë musse bei der Pfleg vun de Bongerten ënnerstëtzt ginn.

Wichteg ass, de weidere Flächeverbrauch op Käschten vun der Natur weider ze reduzéieren an d'Entsiegelung an d'Renaturéierung ze förderen.

Tourismus

Offeren am ländlechen Tourismus miissen nohalteger gin, fir seng Wichtegkeet weider ze stäerken. Et geet net ëm grouss Evenementer, mee ëm nohalteg Verbesserunge vun der Tourismusinfrastruktur.

Verbesserungen vun der Attraktivitéit op de Garen a Busgaren sollen de Gebrauch vun Zich, ëffentlechen Transport, Vëlo an Sharing-Offeren förderen. D'Vernetzung vun de Vëlosweeër an d'Verbesserung vun der Infrastruktur soll kontinuéierlech gefördert ginn.

Vëlosbusser sollen duerch de Quartier pendelen a op all wichtege Plazen halen fir d'Mobilitéit ze verbesseren. D'Zil ass et méi einfach Zougang zum lokalen ëffentlechen Transport duerch Gratisofferen oder gensteg Ticketen ze bidden.

Gezilt Subventioune sollen eng ressource-spuerend Tourismusoffer ënnerstëtzen an de regionale Plus-value förderen. De gastronomesch Offer laanscht Touristeweeër soll ausgebaut an e Konzept fir propper Toiletten entwéckelt gin.

D'Digitaliséierung vun der Tourismusindustrie soll ënnerstëtzt ginn.

BÜNDNIS 90
DIE GRÜNEN
ORTSVERBAND PERL

gruene-perl.de

Christian Schramm

56 Joer, bestuet, 1 Jong

Gérant bei Team Schramm sarl zu L-Ellange

Hobbien: Kachen, Gaardenaarbecht, Bretagne, Reesen

Fraktiounschef vun déi gréng am Perl Gemengerot.

Als bewährten Expert an dësem Beräich engagéieren ech mech dofir, datt d'Gemeng endlech hir Klimaziler ausschafft an décidéiert, hir CO2-Emissioune bis 2030 ëm 50% ze reduzéieren a bis 2040 klimaneutral ze ginn.

Christian Krupp

37 Joer al, bestuet, 1 Duechter

Bio Bauer a Geograph

Hobbyen: Benevolat bei Bioland, mat deene Gréng am OV als stellvert. Fraktiounsspriecher vun deene Gréng am Pierler Gemengerot, an der LAG Landwirtschaft vun deene Gréngen an am VJS um Bezierksniveau.

Ech hu mëch an der vergaangener Wahlperiod fir eng thematesch an Tatsaachen-orientéiert Diskussioun am Gemengerot agesat. Ech si fest géint Faarfspiller um Gemengenniveau. Ech kandidéieren erëm fir de Gemengerot, well ech wëll hëllefen, d'Zukunft fir eis Dierfer positiv ze gestalten, fir all Bierger a fir d'Ëmwelt!

Philipp Anton

Ech sinn responsabel fir d'Kommunikatioun an d'Spendenaktiounen am Lëtzebuerger Naturschutzverband natur&ëmwelt.

Meng Hobbien: Vëlo Rennen, Spazéieren, Lafen a Musek.

Firwat déi gréng Lëscht? 5 Joer am Gemengerot hu mir gewisen: Mir brauchen dréngend méi jonk Käpp an der Gemengepolitik! An: Wärend déi grouss Parteie just streiden, zéien déi Gréng d'Saachen no vir.

Dofir kandidéieren ech elo als Net-Partei-Kandidat op déi gréng Lëscht.

Thomas Hoffmann

61 Joer al, bestuet, 3 Kanner

Pressespriecher a Klimaschutzmanager zu Lëtzebuerg bei der SuperDrecksKëscht

Ech engagéiere mech beim NABU Mettlach-Perl, beim Futball - VfB Tünsdorf, Chouer Sänger a Pärel a Besch, Vizepresident vum Opsiichtsrot vun Bierger-EnergiekooperativHochwald

Ech engagéiere mech fir Themen wéi nohalteg Entwécklung, nohaltege Konsum an nohalteg Liewen. Fir mech heescht dat net opginn, mee éischter eng gutt Liewensqualitéit fir eis an eis Kanner an eis Kanner Kanner.

Dr. Markus Adrian

Prof, Biolog, bestuet, dräi Kanner.

Als Lycéesproff mat engem Doktorat interesséieren ech mech aus beruffleche Grënn, wéi mir méi nohalteg konsuméiere kënnen an eis gemeinsam Zukunft a virun allem déi vun eise Kanner schützen.

Mat jonke Leit schaffen war an ass meng Haaptprioritéit.

Nieft menger berufflecher Aktivitéit sinn ech an der Elterenaarbecht an an der evanglescher Kierchegemeng engagéiert.

Marion Maurer

kee Member an enger Partei

54 Jahre alt, schaffen bei enger Bank zu Lëtzebuerg

Ech hunn zwee erwuesse Jongen an e Mupp.

Hobbien: Muppentraining, Villercher kucken an Gaardenaarbecht

Firwat op der grénger Lëscht?

Biodiversitéit an Naturschutz si mir besonnesch wichteg. Ech setzen mech dofir an, dass dat fest an d'Zukunftsplanung an der Gemeng integréiert ass an esou vill wéi méiglech Naturschutzmoossnamen ëmgesat ginn.

Lena Huckert

kee Member an enger Partei

25 Joer, Projektmanager bei enger Bank zu Lëtzebuerg

A menger Fräizäit maachen ech gär Sport, liesen a sinn zënter iwwer 10 Joer bei de Bëschtreffer Fräiwëllegen Pompjeeën engagéiert.

Ech wéilt virun allem nohalteg fir d'Interesse vun de jonke Leit an eiser Gemeng schaffen. Et ass fir mech ganz wichteg a Projeten bedeelegt ze sinn, déi eis Gemeng méi attraktiv a liewenswäert maachen.

Hans Peter Duhr

77 Joer al, Inland Banneschëffer mat Leidenschaft

Millioune Wueren an 62 Joer Aarbecht

ëmweltfrëndlech duerch Europa transportéiert.

Haut ass mäi Fokus op d'Ännerungen déi néideg sinn fir dat de Planéit wéi mir e kennen weider existéiere kann. Bannent de Grenze vun deem wat jidderee vun eis beaflosse kann, sief et am Transport- oder am Bauberäich.

Änneruge vum Privattransport mat Geschwindegkeetsbegrenzungen, manner Versigelung beim Bau a manner Plazverbrauch duerch Bau vu ville Stäck, Prioritéit vu Wunnraum iwwer Parkplazen fir Autoen, asw.